ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Säit dem Hierscht d'lescht Joer kënnen d'Bierger sech a réigelméissegen Ofstänn op hire Gemengen fir e Referendum iwwert déi nei Verfassung androen. Gëschter ass dës Prozedur fir den drëtten Deel vun der Verfassungsrevisioun ofgelaf. D'Gemenge sinn dozou verflicht, dem Här Staatsminister uschléissend déi genee Zuel vun den Ënnerschrëfte matzedeelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Leit jeeweils an all Gemeng fir déi dräi éicht Deeler vun der Revisioun ënnerschriwwen hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten